

Ab 2026 : Méi staatlech Hëllef fir Fonctionnairen an Employéë bei der Finanzéierung vun hirem Eegenheem Substanziell Verbesserung vum der « Subvention d'intérêt »

Schonn zanter méi ewéi 40 Joer kënnen d'Agenten am Öffentlechen Déngscht, also och d'Enseignant, enner bestëmmte Konditiounen vum der sougenannter Subvention d'intérêt profitéieren. Et handelt sech heibäi ëm staatlech Bähëllef zur Finanzéierung vum Eegenheem, déi am Artikel 32 vum Traitementsgesetz¹ verankert sinn.

Während de Montant vum dëse Bähëllef bis ewell zimmlech bescheide war, engersäits opgrond vum engem niddreg ugesate Plaffong an anerersäits och wéinst engem laangzäit ganz niddregen Zënsëmfeld, esou gouf am Punkt 5 vum Gehälteraccord vum 29. Januar 2025 festgehalen, dass d'**Modalitéite vum der Subvention d'intérêt ab dem Joer 2026 däitlech méi interessant** solle ginn : *“Le montant maximal éligible pour bénéficier de la subvention d'intérêt ainsi que la période d'amortissement, prévus par la loi sur le régime des traitements, seront augmentés à respectivement 400.000 € et 25 années, avec effet à partir du 1^{er} janvier 2026.”*

Deemno gëtt also engersäits de **Maximum vum Montant vum Immobilieprêt**, op Basis vum deem d'Subventioun berechent gëtt, **vun aktuell 150.000 € op 400.000 € erhéicht**², a gläichzäiteg och d'**Unzuel u Joren**, déi een insgesamt vum dësen Hëllef profitéiere kann, **vun aktuell 15 op 25 Joer** erhéicht. Deen entspreichende [Gesetzesprojekt](#) befënnt sech momentan um Instanzeweeg a soll den 1. Januar 2026 a Kraaft treden.

Fir kënnen an de Genoss vum der Subvention d'intérêt ze kommen, muss ee **gläichzäiteg** déi dräi folgend Konditiounen erfëllen :

- Nieft sengem Eegenheem däerf weder den Demandeur vum der Subventioun, nach säin eventuelle Partner, eng weider Immobilie besëtzen, weder zu Lëtzebuerg, nach am Ausland.**
- Den Immobilieprêt fir d'Eegenheem muss bei enger europäescher Bank ofgeschloss gi sinn.**
- Virum 1. Januar vum deem Joer, wou een d'Subventioun ufreet, muss ee scho mindestens 1 Joer beim Staat geschafft hunn.**

Am Fall wou eng Koppel, déi allebéid am Öffentlechen Déngscht schaffen, gemeinsam en Immobilieprêt fir hiert Eegenheem ofgeschloss hunn, gëtt d'Subventioun net duebel, mee nëmmen eemol pro Menage ausbezuel.

De Montant vum der Subventioun gëtt opgrond vu verschiddene Parameter berechent, nämlech dem Solde vum Prêt zum 1. Januar vum Joer vum der Demande, dem Zënsaz um Prêt (egal ob fix oder variabel), dem sougenannten Taux de référence (aktuell definéiert op 2 %) an der Unzuel u Kanner am Stot. De Montant vum Subside ass am éischte Joer maximal an duerno degressiv während insgesamt 25 Joer.

All Detailler zur Berechnung fannt Dir am Abschnitt « *Calcul de la subvention d'intérêt* » op de Säiten 9 an 10 vum entspreichende [Gesetzesprojekt](#).

Déi zwee folgend konkret Beispiller sollen illustréieren, wéi héich dës Bähëllef sinn, eng Kéier am Fall vum engem **Agent ouni Kanner** an eng Kéier am Fall vum engem **Agent mat 2 Kanner**. A béide Beispiller gëtt ugehol,

¹ Loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État.

² De Montant vum Immobilieprêt kann och méi héich sinn ewéi 400.000 €, mee d'Subventioun gëtt op Basis vu maximal 400.000 € berechent.

dass de Reschtmontant vum Immobiliemprêt zu all Moment mindestens 400.000 € bedréit an dass den Zënssaz um Prêt permanent bei mindestens 2 % läit :

Agent ouni Kanner	
Joer	Montant vun der Subventioun
1	2000 €
2	1920 €
3	1840 €
4	1760 €
5	1680 €
6	1600 €
7	1520 €
8	1440 €
9	1360 €
10	1280 €
11	1200 €
12	1120 €
13	1040 €
14	960 €
15	880 €
16	800 €
17	720 €
18	640 €
19	560 €
20	480 €
21	400 €
22	320 €
23	240 €
24	160 €
25	80 €
Total	26.000 €

Agent mat 2 Kanner	
Joer	Montant vun der Subventioun
1	6.000 €
2	5.760 €
3	5.520 €
4	5.280 €
5	5.040 €
6	4.800 €
7	4.560 €
8	4.320 €
9	4.080 €
10	3.840 €
11	3.600 €
12	3.360 €
13	3.120 €
14	2.880 €
15	2.640 €
16	2.400 €
17	2.160 €
18	1.920 €
19	1.680 €
20	1.440 €
21	1.200 €
22	960 €
23	720 €
24	480 €
25	240 €
Total	78.000 €

Zu dese Beispiller sief bemierkt, dass vill Stéit no 20-25 Joer wuel keng Reschtschuld vu 400.000 € méi hunn, an dass d'Unzuel u Kanner à charge an deem Zäitraum eventuell erofgeet. Deemno fält de Gesamtmontant vum Subside dacks net grad esou héich aus, ewéi an dese Musterbeispiller. Wann een awer bedenkt, dass op den eenzele Montante vun de Bähëllefene ab deem Moment, wou se op de Prêt iwwerwise ginn, jo och keng Zënse méi ufalen, kann de reelle Montant vun de Bähëllefene duerch den Zënseeffekt a munche Fäll däitlech iwwer 100.000 € ausmaachen.

Och déi Agenten, déi an der Vergaangenheet schonn eng Rei Jore vun der Subvention d'intérêt profitéiert hunn, kënnen zukünfteg an de Genoss vun deenen neien, staark verbesserte Konditioune kommen. Déi scho genotzte Jore ginn hinnen dobäi ugerechent. Een Enseignant, dee beispillsweis bis ewell scho 5 Joer eng Subventioun ausbezuelt krut, géif mat senger nächster Demande am 6. Joer an där neier Tabell weiderfueren.

De **Formulaire de demande** kënt Dir beim entspreche Service op der Fonction publique ufroen, entweder **per Telefon (24783117)** oder **per Mail (subventions@cgpo.etat.lu)**. **Vergiesst heibäi net Är Matricule unzeginn !** D'Demande fir eng Subvention d'intérêt muss Joer fir Joer erneiert a **bis spéitstens den 1. Juli** agereecht ginn.

Bemierkung : Vu dass déi nei an däitlech méi lukrativ Modalitéiten eréischt ab dem Joer 2026 wäerte gëllen, kann et a **munche Fäll vu Virdeel sinn, fir d'Joer 2025 keng Demande fir eng Subvention d'intérêt ze stellen, mee bis 2026 ofzewaarden** an doduerch 1 Joer méi laang vun deene bessere Konditioune kënnen ze profitéieren. Well all Situatioun individuell muss betruecht ginn, léist sech dës Virgoensweis awer net pauschaliséieren. **Bei Froen zu Ärer spezifescher Situatioun géife mir lech roden, deen entspreche Service vum CGPO ze kontaktéieren.**

D'FÉDUSE-CGFP begréisst natierlech ganz ausdrécklech déi substanzuell Verbesserunge vun de Modalitéite ronderëm d'Subvention d'intérêt, déi ganz besonnesch deene jonke Kolleeginnen a Kolleegen ze gutt kommen, déi et trotz ofgeschlosssem Masterstudium ëmmer méi schwéier hunn, um Immobiliemarché hei zu Lëtzebuerg Fouss ze faassen.

De Comité vun der FÉDUSE-CGFP